N°342
Entrée le 16.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.02.2024

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17 . Februar 2024

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'USA froen aktuell d'Ausliwwerung vum Här Julian Assange, déi bis elo vum Vereenegte Kinnekräich refuséiert gouf. De Fall vum Här Asssange ass am Zesummenhank mat der Fräiheet vun der Press vu ganz héijer Wichtegkeet a fënnt weltwäit Opmierksamkeet. Och stellen sech ganz vill Froen, esouwuel wat seng Behandlung bis elo ewéi och säi Recht op e faire Prozess an Zukunft ugeet.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Gesäit d'Regierung an der Affär vum Här Assange Aspekter déi iwwert seng Persoun eraus ginn, besonnesch am Bezuch op d'Fräiheet vun der Press?
2. Ass d'Regierung gewëllt zu Gonschte vum Här Assange bei den héijen Autoritéite vum Vereenegte Kinnekräich, respektiv vun de Vereenegte Staate vun Amerika ze intervenéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°342
Entrée le 12.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n° 342 vum 17. Februar 2024 vun honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER.**

**Ad 1) + 2)**

D'Regirung commentéiert net Affairen déi aktuell nach viru Geriicht an engem Rechtstat sinn.

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel